PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31.01.2022

**Demande fir eng Kommissionssëtzung anzeberuffen**

Här President,

Mir bieden Iech, dëse Bréif un d'Präsidentin vun der *Commission de l'Economie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace* an un d'Präsidentin vun der *Commission du Logement* weiderzeleeden.

An enger Emissioun vu *Background am Gespréich* vun RTL vum 29.01.2022 huet de Minister Franz Fayot ugekënnegt d'Kommissiounen, déi bei der Vente vun Immobilië vun den Immobilienagencen erzielt ginn, an Zukunft erofzesetzen. Dem Minister no, wär aktuell geplangt, dës Ännerung iwwert de Wee vun engem Réglement Grand-Ducal ze maachen.
Mat der Proposition der Loi 7951, déi den 18.01.2022 vun de Piratendeputéierten deposéiert gouf, läit der Logementskommissioun schonn eng Gesetzespropose fir, déi genee esou eng Limitatioun vun de Kommissioune vun Immobilienagencë proposéiert.
Fir ze verhënneren, dass d'Exekutiv an dësem Dossier Entscheedungen hëlt, ouni mam Parlament - wat dëse Sujet mat der Propositioun 7951 scho behandelt - zesummen ze schaffen, stelle mir heimat d'Demande fir de Wirtschaftsminister an eng gemeinsam Kommissiounssëtzung tëscht der *Commission de l'Economie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace* an der *Commission du Logement* ze invitéieren, fir seng Proposen ze presentéieren an en Echange ze hunn, iwwert déi vun him a vun der Chamber ugeduechte Mesuren.

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement

Marc Goergen